
Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*
# Kapitel 6

# Kapitel 6 Säit 85, Übung 5


*Kuckt de Stammbam a liest d'Beispill. Wielt eng Persoun.*
*Äre Partner muss roden, wien et ass.*




\+ *De Jemp ass mäi Bopi. Wie sinn ech?*
\- *Heescht däi Papp Sébastien?*
\+ *Nee, mäi Papp heescht Robert.*
\- *Bass du e Jong oder e Meedchen?*
\+ *Ech sinn e Jong!*
\- *Bass du de Pol?*
\+ *Nee!*
\- *Du bass den Noah!*
\+ *Jo, richteg!*

# Kapitel 6 Säit 87, Übung 6

*Wat feelt? **Mäin, däin, säin, meng, deng, seng?***
*Fëllt d'Sätz fäerdeg aus.*





1. Tina: „Wéi heescht deng Mamma?“
   Marie: „.............................. Mamma heescht Anne.“
2. Laurent: „.............................. Brudder huet fënnef Joer.“
   Tom: „Nee! Ech hu scho sechs Joer!“
3. Robert: „Kënnt .............................. Schwëster muer och iessen?“
   Anne: „Nee, .............................. Schwëster huet muer keng Zäit.“
4. Karin: „.............................. Papp ass cool!“
   Lea: „Jo, dat stëmmt! Mir spille vill zesummen.“
5. Laurence: „.............................. Enkelkanner sinn ëmmer ganz brav.“
6. Sébastien: „.............................. Bouf spillt gär Fussball.“
7. Dem Sébastien .............................. Fra schafft an enger Primärschoul.
8. Dem Sandrine .............................. Mann huet e Brëll.
9. Dem Andy .............................. Meedercher heesche Sara an Tina.
10. Dem Pol .............................. Brudder heescht Noah.
11. Dem Tina .............................. Schwëster heescht Sara.
12. Dem Leonie .............................. Geschwëster heeschen Daniel a Karin.

# Kapitel 6

## Säit 89, Übung 7

*Kuckt d'Bild a liest den Text. Ass dat richteg?*
*Schreift eng nei Versioun.*

*De Jean ass grouss, déck an net sportlech.*
*Hien huet brong Aen an eng kleng Nues.*
*Hien huet blond Hoer an e Baart.*




*Schafft zu zwee. Beschreift ee Mann. Äre Partner muss roden, wien et ass.*




Jemp




Néckel



Heng



Tunn



Jang



Jos

# Kapitel 6 Säit 91, Übung 8

*Wéi ass den Dialog richteg? Zortéiert a liest den Dialog zu zwee.*

| |
|---|
| + Bonjour, Dokter Müller. |
| + Net gutt. Ech hunn den Hals an de Kapp wéi. Ech hunn och de Schnapp an den Houscht. |
| + Jo, ech mengen. |
| + Kann ech schaffe goen? |
| + Jo, ech brauch e Certificat. Wat fir Medikamenter kann ech huelen? |
| + Villmools Merci! |
| - Bonjour, Monsieur. Wéi geet et Iech? |
| - Hutt Dir Féiwer? |
| - O jo, den Thermometer weist 39 Grad. Monsieur, Dir hutt eng Gripp! |
| - Nee. Dir musst op d'mannst dräi Deeg doheem bleiwen. Braucht Dir e Certificat fir d'Aarbecht? |
| - Ech schreiwen Iech e Rezept. Dir huelt e Sirop fir den Houscht, Pastille fir den Hals an eppes géint d'Féiwer. |
| - Äddi an eng gutt Besserung! |

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen


## *Zousazmaterial*

## Kapitel 6

# Léisungen

## Kapitel 6 Säit 87, Übung 6

*Wat feelt?* ***Mäin, däin, säin, meng, deng, seng?***
*Fëllt d'Sätz fäerdeg aus.*





1. Tina: „Wéi heescht **deng** Mamma?"
   Marie: „**Meng** Mamma heescht Anne."
2. Laurent: „**Mäi** Brudder huet fënnef Joer."
   Tom: „Nee! Ech hu scho sechs Joer!"
3. Robert: „Kënnt **deng** Schwëster muer och iessen?"
   Anne: „Nee, **meng** Schwëster huet muer keng Zäit."
4. Karin: „**Däi** Papp ass cool!"
   Lea: „Jo, dat stëmmt! Mir spille vill zesummen."
5. Laurence: „**Meng** Enkelkanner sinn ëmmer ganz brav."
6. Sébastien: „**Mäi** Bouf spillt gär Fussball."
7. Dem Sébastien **seng** Fra schafft an enger Primärschoul.
8. Dem Sandrine **säi** Mann huet e Bréll.
9. Dem Andy **seng** Meedercher heesche Sara an Tina.
10. Dem Pol **säi** Brudder heescht Noah.
11. Dem Tina **seng** Schwëster heescht Sara.
12. Dem Leonie **seng** Geschwëster heeschen Daniel a Karin.

# Léisungen

## Kapitel 6 Säit 89, Übung 7

*Kuckt d'Bild a liest den Text. Ass dat richteg?*
*Schreift eng nei Versioun.*



*De Jean ass grouss, déck an net sportlech.*
*Hien huet brong Aen an eng kleng Nues.*
*Hien huet blond Hoer an e Baart.*

De Jean ass kleng an dënn. Hien ass sportlech.
Hien huet blo Aen an eng déck Nues.
Hien huet schwaarz Hoer an e Schnauz.

## Kapitel 6 Säit 91, Übung 8

*Wéi ass den Dialog richteg? Zortéiert a liest den Dialog zu zwee.*

\+ Bonjour, Dokter Müller.

\- Bonjour, Monsieur. Wéi geet et Iech?

\+ Net gutt. Ech hunn den Hals an de Kapp wéi. Ech hunn och de Schnapp an den Houscht.

\- Hutt Dir Féiwer?

\+ Jo, ech mengen.

\- O jo, den Thermometer weist 39 Grad. Monsieur, Dir hutt eng Gripp!

\+ Kann ech schaffe goen?

\- Nee. Dir musst op d'mannst dräi Deeg doheem bleiwen. Braucht Dir e Certificat fir d'Aarbecht?

\+ Jo, ech brauch e Certificat. Wat fir Medikamenter kann ech huelen?

\- Ech schreiwen Iech e Rezept. Dir huelt e Sirup fir den Houscht, Pastille fir den Hals an eppes géint d'Féiwer.

\+ Villmools Merci!

\- Äddi an eng gutt Besserung!